



# 1200 Joer Buurg Zolwer

25ième Anniversaire  
du Syndicat d'Initiative de Soleuvre



Sous le Patronage du Ministère des Affaires Culturelles  
et de l'Administration Communale de Sanem



## D'Annexioun vun der Jugend 1940-1944

D'Onofhängegkeetsfeieren vun Joer 1939 - déi eler Generation erënnert sech bestëmmt nach gutt drun - wore kaum eriwier, wéi sech ufangs 1940 scho däischter Wolleken um Himmel gewisen hun.

Den 10. Mä 1940 markéiert den Ufank vun de battere Krichsjoer. D'Uertschaft ZOLWER gouf gläichzäiteg vun de Preisen a vun de Fransousen als „Opmarschgebit“ benotzt. Duerfir sin den 10. Mä vill vun eise Matbürger an d'Frankräich geflücht, anerseits déi, déi heiheim bliwwe sin, an d'Eisleck evakuéiert goufen, oder bei Bekannten a Familjen ënnergeschlof sin.

Duerch Blëtzaktiounen hun d'Preisen di franséisch Arméi zur Kapitulation gezwongen. Mä domat war de Krich nach laang nët eriwier. E puer Méint mi spët sin eis Matbürger lues a lues an hir Haiser zeréckkomm, déi natiirlech vun de Preisen ausgeraumt gi woren. Ob dëser Plaatz sief drun erënnert, dass an dëse Méint den demolegen Paschtouer a spéidere Caritasdirekter Hr. Alfred HEMES vu Chauffailles aus versicht huet, di meescht Zolwer Familjen erëm zesummenzeféieren.

Mir hun dun ugefaangen alles erëm obzebauen. Mä wa mer gemengt haten, mer kënnen elo a Rou eise Beruf ausüben, da goufe mir enges Bessere beléiert: No der militärescher Besatzung gouf d'Zivilverwaltung agefouert, nom Motto „HEIM ins REICH“.

Den 23. Mä 1941 ass de „REICHSARBEITSDIENST“ den R.A.D. agefouert gin. Den 7. Oktober 1941 gouf de Joergang 1920 zum R.A.D. ageruf, fir 6 Méint a mat engem Verdengscht vun 30 Pfenneg pro Dag. De Joergang 1921-1927 sollt et kuurz drop nët besser ergoen.

De schlëmmste Coup awer krute mer den 30. August 1942 versat: de berüchtigte Gauleiter Gustav SIMON huet d'Afféierung vun der



„allgemeiner Wehrpflicht“ fir d'Joergäng 1920-1927 proklaméiert. Awer mär Lëtzebuurger hun eis gewiert: et koum zu villen Protest- a Streikbewegungen. Déi brong Machthaber hu versicht durch Massenrichtungen dëse Widderstand schon am Kaim ze erstécken. Dorobhin ass eng verstärkten Ennergrondbewegung - d'lëtzebuurger Resistenz ëmmer méi gewues.

#### ANORDNUNG

über wehrpflichtige Jahrgänge in Luxemburg vom 30. August 1942

Auf Grund des § 1 der Verordnung über die Wehrpflicht in Luxemburg vom 30. August 1942 - VBl. f. Lux. S. 253 - wird folgendes angeordnet:

##### I.

Der Wehrpflicht unterliegen alle Angehörigen der Geburtsjahrgänge 1920-1924.

##### II.

Alle Angehörigen dieser Jahrgänge, die am 10. Mai 1940 die luxemburgische Staatsangehörigkeit besessen haben und

- 1) bis zum 31. August 1942 noch nicht mittels Stammblatt zum Arbeitsdienst oder Wehrdienst erfasst worden sind oder
- 2) seit dem Tag der Erfassung ihre Wohnung geändert haben, haben sich in der Zeit vom 1. bis 15. September 1942 persönlich bei der für ihren dauernden Aufenthaltsort zuständigen Ortspolizeibehörde zu melden. Das Nähere wird durch Bekanntmachung der Kreispolizeibehörden bestimmt.

Luxemburg, den 30. August 1942

Der Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg

GUSTAV SIMON

Gauleiter

Den 18. Oktober 1942 - Kirmessonnen an eiser Hemechtsuert-schaft ZOLWER, sin déi éischt Lëtzebuurger - Joergang 1920 vun de brongen Okkupanten an déi preisesch Stiwwele gestach gin, a via Wasserbëlleg - Berlin/Spandau a.s.w. verfracht gin. D'Ausbildung mam Endziel „FRONTASATZ“ ass a preisesche Kasären an och an Daenemark duerchgefouert gin.



Den 1. Februar konnten déi éischt Jongen vun hirem Frontsatz beriichten; si louchen nëmmen 150-200 m. vun de russesche Stellungen ewech, an dat bei enger Temperatur vu minus 30-40 Grad. A gläich drop gouwen et an dësem märderesche Krich déi éischt Doudesaffer: een vun den alleréischten wor de Bischels Aloyse vu Bieles. Hie gouv no bei Leningrad, dem heitige St. Petersburg, an engem Eenzelgraf vun engem lëtzebuergeschen Kolleg begruewen.

No ongeféier engem Joër Rekrutéierung kruten d'Jongen en „Erhuelungsurlaub“. Ganz vill Komeroden hun dervu profitéiert vir ze desertéieren. (Macquis - Privat ënner tauchen a.s.w.) Fir Deserteure gouf d'Doudesstrof agefouert; hir Familjen huet misse mat der Emsiidlung rechnen.

Et gif ze wäit féieren, fir op eenzel Schicksaalsschléi während der Zwangsrekrutéierung, der Déportatioun, dem K.Z. a.s.w. anzegoen. Béis Erënnerungen si bliwen; d'Gejättz vun deene gefuarten Ausbilder klängt nach haut villen Zwangsrekrutéierten beim Erwächen an den Oueren. Déi Jongen, déi iwerliwt hun, si kierperlech gezechent. An och wa si probéieren, déi béis Zäit ze verdrängen, sou gesin si dach ëmmer nach d'Optrieden vun deene brongen Häremënschen vru sech. Virun allem den dresséierten Sëcherheidsdingscht - d'GESTAPO - huet d'Mënschen ouni Rücksicht ob human Gefiller a mat alle Mëttele gepéngt.

Glécklecherwais hun d'Ausdauer vun der fräer Welt an den totalen Asatz vun eisen amerikanesche Frënn dann ENDDLECH - den 10. September 1944 - zur Liberatioun vun eiser HEMECHT gefouert. No an no sin eis Kollegen, d'Zwangsrekrutéiert erëm heem komm, a si hu beschloss eng „GEMEINSCHAFT“ ze grënnen: d'Ligue „Ons JONGEN“.

## 1944-1960 - „Ligue ONS JONGEN“

An enger Zeitungsannonce konnte mer liesen dass um Lampertsbiere d'Grënnungsversammlung vun der Ligue envisagéiert wier.

---

*Cette page a été offerte par:*

WAMPACH & HERZIG, Entreprise de Charpentres, Mondercange

---



Zwéin Zolwer Komeroden hu sech ob de Wee gemaach. Am Uertsdeel AESSEN huet en iwweiraifigen Milizmann versicht dat ze verhënneren, an hien huet esouguer mat Erschéisse gedräet - mer hun eis net obhaale geloos - virgenannte Milizmann huet an d'Loft geschoss; mer si weidergefuert, an hun un der Versammlung deelgeholl. Mat den néidegen Ennerlagen an der Mapp, hu mer dorob an eiser Lokalitéit d'Grënnung vun „Ons Jongen“ virgeholl. E puer Deeg méi spéit hun eis Frënn zu Bieles dat selwecht gemät. Op Initiative vu Bieleser an Zolwer Kollegen konnte mer diselwecht Prozedur och zu Suessem durchféieren.

### D'Grënnungsmemberen „Ons JONGEN“ ZOLWER

1. ANCILLON	Albert	15. GOEDERT	Nic.	†
2. ANEN	Arthur	16. GOERGEN	Jean	†
3. BETTENDORFF	Alfred	17. HEINEN	Greg	
4. BILLA	Aloyse †	18. HEUSCHLING	Charles	
5. BIVER	Charles †	19. KEMMER	Marcel	†
6. BIVER	J.-P. †	20. LUCIUS	René	
7. CHARPENTIER	Mathias †	21. LUDOVICY	Marcel	
8. DAHM	Mathias †	22. MANDER	Nic.	†
9. DECKER	Roger	23. MARNACH	Jean	
10. DONDELINGER	Louis †	24. NIMAL	Edmond	†
11. ENGEL	Alfred	25. SCHLESSER	Ugén	
12. ENGEL	Roger	26. SCHOCKMEL	Xavier	
13. EVEN	Michel †	27. SINNEN	Henri	†
14. GEORGES	Marcel	28. WAGNER	Josy	†

† An der Zwëschenzäit verstuerwe Grënnungsmemberen.

An den 1. September 1945 war schon déi éischt Demonstratioun als Erënnerungsfeierlechkeet mat engem groussartigen Erfolleg, well et waren der 5000 dem Opruff gefollegt, wéi an der Zäitung vun Ons Jongen N° 21 vum 12. September 1945 ze liese war.

D'Fräiheet, dat Wuert wor Enn 1944 am Mond vun alle Lëtzebuerger, déi d'Glück haten des Momenter an der Hemecht ze erliewen.



D'Memberen vun der Ligue „Ons JONGEN“, hu versicht d'Gesellegkeet an hire Reihen ze flegen, an durch Theateropféierungen an Organisatiounen vu Gesellschaftsowender aal Traditiounen erëm opliewen ze loossen, an zur Hiewung zum kulturellen Niveau bäizetroen. An anere Wieder, mer hu versicht déi verluere Joeren durch eis Aktivitéit erem wetzemaachen.

D'Fräiheet: An hirem Präis leie nët nëmmen onendlich vill vergänglich Sacrificer a Leiden. Eis blutt d'Hierz nach haut, wa mer ais un all déi däischer Deeg erënneren, wo am Asatz fir eng grouss Saach, eng Reih vun den allerbeschte Letzebuerger hiirt d'Liewe fir d'Fräiheet gelooss hun. Si felen haut a luar, hire Léiwsten an hire Familjen. Och mär Zolwer Jongen vun deemols hu bei eiser Bestandsopnahm feststelle missen, dass mer nët vollzählig woaren. Et gouv eis gemëllt, dass zwéi vun eise beschte Komeroden

de Marcel SCHIMBERG an

de François ENGEL

gefall waren, an zwar am franséische MACQUIS zu COMBEAUVERT, Gemeng Janaillat (Dép. Creuse, France) am beschten Alter vun 22 resp. 19 Joer. Hiirt Liewen, vun der bronger Nazipescht ausgelescht, hu si gin fir d'Hemecht. Et ass deenen zwou Familjen gegléckt d'Iwwerreschter vum Marcel a vum François heem ze bringen, an den 10. September 1945, 1 Joer no der Liberatioun konnte mer déi zwéi Komeroden ënner der Bedeeligung vun enger Onmass vu Frënn a Bekannten an hirem Hemechtsgraf würdig begruewen. Et bleiwt dat en onvergiesslechen Trauerdag fir eis Uertschaft.

Mam onvergiesslechen Här Paschtouer Jean PASTORET hun d'Memberen vun der Ligue „Ons JONGEN“, d'Idee vun engem „Monument aux Morts“ obgegraff an och Enn 1946 duerchgezunn. Ob enger würdiger Plaatz an der Kiirch ass eng „PIETA“ obgestallt ginn, wo niewt den Nimm vun eisen zwéi Macquisaren, och eisen Nationalpatriot den Alfons DONDELINGER zu Eieren koom. Beim Begriefnëss vun de Macquisaren resp. bei der Aweihung vum Monument aux Morts hu mer d'Vesprieche gin, wéinestens eemol am Joer hiirt Udenken ze éieren, an dat welle mer haalen, trotz aner Meinungen an Tendenzen.

Hien go'w sein Hedst fir d'freihët.



**ZUM F'WEGEN UDENKEN**  
u mein onvergieblëchen le'we Mann,  
mei hierzenguddle Pappa, onse le'we  
Jong, Brudder, Schwöer, Monni,  
Neveu a Coseng.

**Demy Dondelinger**

(gen. Alphonse) - Gendarm  
geb. zu Zolver den 10. Oktober 1897,  
als e'schte Letzeburger zu Köln (Klin-  
gel-Pütz) den 12. Februar 1942 higericht.

JESUS! MARIA! JOSEPH!  
Mei Jesus Barmherziggët.



**Zum frommen Udenken**

un eisen onvergiessleche, guddle Jong, mein herzen-  
guddle Brudder, also le'wen Enkel, Petter, Neveu a Coseng



**FRANÇOIS ENGEL**

**Zeldot an der PFI**

chef de corvol, gefal um Feld der E'er fir seng le'  
Hémécht zu' Combeauvert (Gemeng JAKAILLA) (Crasse-  
France), den 9. Juni 1944, am Alter vun 19 Jo'er.

Zolver, den 23. Oktober 1945.

Um Dag vun der Sechswochmass.

Gefall fir d'Hémécht!



Sei lèschte Ruff war:  
«Vive le Luxembourg - Vive la France»

Avoir Pappa, Mamma a Schwester, ver-  
giesset mech net an drot mir eng Blin-  
chen ob mei Graw.

IMPRIMERIE HEINTZ, PÉTRANGE

Jesus! Maria! Josef!

Trennung ass onst Lo's  
an d'Erengesin ons Hoffnung!



**Zum e'wegen Udenken**

un eisen onvergiessleche Jong, Brudder,  
Schwoer, Neveu a Coseng a Monni

**Hér Marcel Schimberg**

vun Zolver, gefall am Maquis zu Com-  
beauvert (Dép. Creuse, France) den 9.  
Juni 1944, am beschten Alter vun 22 Joer.

Well ech trei Dir si bliwen  
Letzeburg, mein Héméchtsland,  
Gong ech fort vun Dir gedriwen,  
Fortgejot vu Banditenhand.

Dach, wann ech od hu misste stierwen  
Letzeburg, glëw mir et,  
Hun si och geholl mei Liewen,  
Mä meng Le'ft zur Hémécht net.

*Cette page a été offerte par:*

M. et Mme Albert ZEHREN-POINCEIN, Belvaux



Am Ufank vun eise Tatsaacherapoort hu mer ob Desertatioun vu ville Lëtzebuenger Jonger higewisen, dat woor awer nëmme méiglech durch vill Asaatz an Entbierungen vun echte Lëtzebuenger Patrioten. Enner Liewensgefor hun déi selwecht de Refractären mat alle méigleche Methoden gehollef. D'Resistenz huet Grousses gelescht, an et géif ze wäit féieren, all déi Aktiounen obzezielen.

An enger Emfro, hu mer versicht all déi Resistenzler ze erfassen, déi a schwéierer Zäit de Preisen de Bass gehaalen hunn, an trotz Doudesstrof resp. Emsiedlungsrisiko, sech an den Dingscht vun der Hemecht gestallt hun.

Am Januar 1947 hu mer eng „Journée de Reconnaissance“ organiséert, fir ais zu engem klengen Deel erkenntlech ze weisen.

E weidert Aktivitéitsfeld dat sech aus der Nazizäit ergin huet, wor d'Suchaktioun no eise vermësste Jongen. Eng Zuel vu Bréiwer a Nofro'en huet en negativt Resultat ergin, an emsoss hu mer ob dës Komeroden gewaart.

Eis vermösste Jongen vun deemols.

1. GOERGES Ugén
2. JOST René
3. PERL J.-P.
4. VEYDER Urban

Wéi 1945-1946-1947, war nach 1948 eng grouss Demonstratioun vun „Ons Jongen“ och mat engem groussen Erfolleg, an ëmmer mat deem selwechten Motive, eng gerecht Unerkennung duerch e Krichschädegesetz. Trotz deem groussen Erfolleg, konnt een, dee mat Läiw a Séil derbäi war, schon 1948 gesin, dass d'Ligue „Ons Jongen“ enger Krisis entgéint géiw steieren. Enner de Comités-memberen waren Divergenzen opkomm, a perséinlech Ambitiounen haaten d'Iwwerhand kritt.

Awer Ons Jongen aus der Gemeng Suessem si weider hirer Missioun op allen virgenannten Actiounsfelder gerecht gin.

1949 war keng Journée méi an der Stad Lëtzebuerg. Et gouw keng öffentlech Demonstratioun méi, well an de Reihen vun der Ligue,



# «Ons Jongen»

Z O L V E R

M. M.

*Dir sit heimat frëndlechst agelueden zo' der*

## *Journée de Reconnaissance*

*de' Jech e Sonndeg, de 19. Januar 1947 de  
verdingte Merci brengt.*

*De Comité.*

## PROGRAMM:

Em 9,30 Auer: Ofmarsch beim Musekssal ënner Bedëlegong vu  
sämtleche Verei'ner an d'DANKSAGONGS-MASS;

Em 15 Auer: Basket-Ball-Match: A. S. Juniors - «Ons Jongen»;

Em 20 Auer: SOIRÉE DE RECONNAISSANCE am Sal Lanners.

DUERNO BAL



haate sech en etlech zesumme fond, fir mat Leit zesummen ze schaffen, déi den Enrôlés net gudd gesënnt woren, an domadden Onénegkeet an déi grouss Organisatioun vun der Ligue ze bréngen. An den Zesummebroch blouw net aus, an d'Interessen vun den Enrôlés konnten net méi verdedegt gin. An domadden haaten eis Gegner ët liicht fir ons Jongen als 2. Klass bei den Naziaffer ze féieren.

Wéi dann den deitsch-lëtzebuergesche Reparatiounsvertrag vum 11.7.1959 bekannt gouw, an dee jo den 19.5.1961 vun eiser Chamber ratifizéiert gouw, koum erëm en Erwaachen bei ons Jongen op, an déijéineg, déi geduecht hun, ons Jongen wäeren vun der Bildfläch verschwonnen, haaten sech schwéier geeirt. Well a kierzester Zäit stongen d'Medercher an d'Jongen erëmm zesummen, an enger neier, méi starker an och méi eneger Organisatioun, nämlech mam Numm „Fédération des Victimes du Nazisme“, déi sech virgeholl huet, sech mat aller Kraaft anzesetzen, fir d'Gleichberechtigung vun den Zwangsrekrutéierten - Jongen a Medercher - beim Reparatiounsvertrag ze errechen, zu Eieren vun all eise gefaalen a vermëssten Kolleginnen a Kollegen.

An och bei eis an der Gemeng, hun d'Jongen a Medercher sech erëm zesumme gedoon, an och eng Sectioun ënner dem Numm „Enrôlés de Force Victimes du Nazisme“, Sectioun Gemeng Suessem gegrennt, déi sech och d'Wuert gin huet, sech mat aller Kraaft anzesetzen, bis d'Problem vun den Enrôlés 100% geléist wär, an och zu Eieren vun all eise gefaalen an vermëssten Kolleginnen a Kollegen. An awer och ëmmer drop haalen, un déi ze denken, déi am Krich sech virun d'Jugend gestallt hun, hiert Hab a Gutt, an esou guer hiert d'Liewen op d'Spill gesat, nämlech d'Resistenz, fir esou vill wéi méiglech jongt Liéwen Jongen a Medercher, dem Preiss z'entreissen.

An deem Geescht huet eis Sectioun hir Arbecht bis haut nach ëmmer gesin, op nationalem wéi op lokalem Plang, wéi Dir elo an eisem Activitéitsprogramm vun 1960 bis 1993 kuurz skizzéiert gesitt.

Sectioun Gemeng Suessem organiséiert all Joer mam Scheffen- a Gemengerot eng Journée Commémorative.



*Slonsk*



22.4.1963:

D'Enrôlés Sectioun Gemeng Suessem mam Schëffen- a Gemengerot stellt d'Kandidatur fir d'Monument Nationale um d'Zolverknapp. Awer och den Här Paschtouer, den Här Stoos setzt sech mat aller Kraaft an. An den Här Regenwetter Henri schreiw e geschichtlechen Artikel iwwer den d'Zolverknapp an enger Broschure.

De Gemengerot bewëllegt direkt e Subside an der Héicht vun 20.000 frs. 11 Mol gouw Korrespondenz gefouert. 5 Entrevuen haaten d'Enrôlés an d'Gemeng mat deenen verschiddenen Commissiounen an dem Ministère vu Konscht a Wëssenschaft.

Awer leider emsoss.

13.-17.8.1986:

De Comité Central ruff op, fir e Pélérinage op Slonsk (Polen), wou 91 trei lëtzebuurger Jongen vum 30. op den 31. Januar 1945 vun S.S. Henker brutal erschoss gouwen. Bei deenen 91 war och eisen Nationalpatriot de Bernardy Jean Paul vun Zolwer. Eis Sectioun war vertrauden duerch d'Kollegen Bley Jean an Heinen Grégoire.

9.5.1987:

Inauguratioun vun enger Zwangsrekrutierter Plaz zu Zolwer.

16.7.1990:

Pélérinage zu Eieren vum Engel François a Schimberg Marcel, op Clermont-Ferrand - Les Anzises - Bourganeuf a Combeauvert. Zu Clermont-Ferrand hu mir beim Monument aux Morts eng Gerbe néier geluecht zu Eieren vun allen Naziaffer.


An zu Combeauvert hu mir beim Monument, wat nëmmen fir all déi opgeriicht gouw, déi mat eisen zwéin Kollegen den 9.6.1944 zu Combeauvert erschoss gouwen, et woren der 36, eng Gerbe néier geluecht.

10.5.1992:

Inauguratioun vun enger Erënnerungsplack fir dee grouse Resistenzler den D.G. Alphonse Dondelinger u sengem Heemechtshaus zu Zolwer. Hie gouw den 12.2.1942 zu Köln-Klingelpütz vun den Nazien gekäppt.



*Inauguratioun vun enger Erënnerungsplack fir dee grouss Resistenzler den D.G. Alphonse Dondelinger u sengem Hemechtsbaus zu Zolwer. Hie gouw den 12.2.1942 zu Köln-Kligelpütz vun de Nazie gekäppt.*



*Jean-Paul Bernardy*



10.5.1992: Inauguratioun vun enger Erënnerungsplack (Alphonse Dondelinger)

7.11.1992:

Erënnerungsfeier fir den Nationalpatriot Jean Paul Bernardy zu Zolwer an der Kірch. Hie gouw vum 30. op den 31. Januar 1945, mat nach 90 aner gutt trei lëtzebuurger Jongen zu Slonsk (Polen) vun den Nazien erschoss.

Miir mengen mat desem ganz kurz gehaalenen Activitéitsbericht kënnen ze soen, dass d'Enrôlés Sectioun Gemeng Suessem bewiisen huet, déi ganz Nokrichszäit am Geesch an zu Eieren vun all eise gefaalenen a vermessten Kolleginnen a Kollegen an allen Naziaffer all hiir Kraaft agesat huet, fir hinnen ze beweisen, dass mir Si ni vergiess hun a nie wäerte vergiessen. Well Si sin déi, déi hіiert d'Liewen geaffert hun, fir dass mir, déi Iwerliewent, konnten a nach haut kënnen, an engem schéinen, gesonden a fräie Letzebuerg liewen.

Ligue Ons Jongen Gemeng Suessem  
an d'Enrôlés de Force Sectioun Gemeng Suessem